N° 4946
Reçue le 23.09.2021

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère du Logement

Monsieur Marc HANSEN
Ministre aux Relations avec le Parlement
Service Central de Législation
5, rue Plaetis

L-2338 Luxembourg

Luxembourg, le 22 SEP. 2021

Dossier suivi par:
Stéphane Andreolli
☎ 247-84812
✉ qp@ml.etat.lu

Ntr.réf.: 2021/QP4946/Engelen/rép comm Min/sa

Concerne : **Question parlementaire n°4946 du 10 septembre 2021 posée par l'Honorable Député Jeff ENGELEN concernant l'accès pour le personnel communal aux formations dans le cadre du Pacte logement 2.0.**

Monsieur le Ministre,

En réponse au courrier électronique du 13 septembre 2021 en relation avec l'objet sous rubrique, j'ai l'honneur de vous transmettre en annexe à la présente la réponse du Ministre du Logement et de la Ministre de l'Intérieur quant à ladite question parlementaire.

Je vous saurais gré de bien vouloir la transmettre au Président de la Chambre des Députés.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de ma haute considération.

Le Ministre du Logement

Henri KOX

Tour Alcide de Gasperi
4, place de l'Europe
L-1499 Luxembourg

Adresse postale :
L-2916 Luxembourg

Tél. (+352) 247-84819
Fax (+352) 247-84840

www.logement.lu

Gemeinsam Äntwert vum Här Henri KOX, Wunnengsbauminister, a vun der Madamm Taina BOFFERDING, Inneministesch, op d'parlamentaresch Fro n°4946 vum 10. September 2021 vun den éierbaren Députéierten Jeff ENGELEN zum Thema « accès pour le personnel communal aux formations dans le cadre du Pacte logement 2.0 ».

De Wunnengsbauministère hat am Februar 2021 en Austausch mat der ALBSC, der Association luxembourgeoise des bachelors scientifiques des communes et des syndicats de communes, bezüglech der Formatioun vun de Logementsberoder/innen am Kontext vum Pacte logement 2.0. Grondsätzlech ass de Ministère dorun interesséiert, datt d'Uspriechpartner an de Gemenge gutt forméiert sinn an d'Gesetzer souwéi d'Ëmsetzungsintrumenter vum Wunnengsbauministère gutt kennen.

Aus deem Grond goufen déi éischt Formatiounen an Informatiounsversammlungen zum Pacte logement a senger Ëmsetzung an de Gemengen och schonn Uganks Februar 2021 ofgehalen. D'Gemenge goufen deementspriechend och deemools dorop higewisen, datt se de Choix missten tëscht engem internen oder externe Logementsberoder treffen, datt se dëse Choix awer och zu all Moment kéinte revidéieren. De 16. Juni goufen d'Gemenge formal gefrot, wéi hire Choix géing ausgesinn.

Insgesamt sinn 30 Stonnen Initialformatioun virgesinn[1], fir d'Logementsberoder/innen op hir nei Aufgab virzebereeden. D'groussherzoglecht Reglement, dat d'Formatioun vum Logementsberoder preziséiert, gesäit vir, datt d'Logementsberoder/inne spéitstens 6 Méint nodeems si mat hirer Aarbecht ugefaangen hunn, och mat der Formatioun musse fäerdeg sinn. E Logementsberoder muss d'Formatioun also net schonn ofgeschloss hunn, ier e mat der Aarbecht ufänkt..

D'Formatioune gi vu Mataarbechter/innen aus ënnerschiddleche Ministèren a staatleche Verwaltunge gehalen. An enger éischter Phas goufen déi extern Logementsberoder/inne forméiert. Dësen Formatiounszyklus wäert am Oktober ofgeschloss sinn. D'Formatioune fir déi intern Logementsberoder/inne lafen am Oktober 2021 un a wäerte bis Enn des Joers ofgeschloss sinn. Un dëse Formatioune wäerten awer souwuel extern wéi och intern Logementsberoder/inne kënnen deelhuelen. Méi allgemeng Formatioune fir Beamten a Ugestallten aus de Gemengen zu den Instrumenter vum Wunnengsbauministère ginn onofhängeg vun dëse Formatioune jee no Bedarf ugebueden, dëst och an direkte bilaterale Gespréicher.

Och wann eng Gemeng vun engem externen op en interne Logementsberoder/in (an ëmgedréint) ka wiesselen, kann si awer ëmmer nëmmen ee Logementsberoder/in hunn. Dëst ass vum Gesetz esou virgesinn a mécht och Sënn, fir datt d'Aarbechte méiglechst effikass kënnen ëmgesat ginn. D'Gemengen hunn donieft awer d'Méiglechkeet, mat de Suen, déi hinnen iwwert de Pacte logement zur Verfügung gestallt ginn, zousätzlech Expertise ze rekrutéieren, wa se dat fir néideg empfannen.

[1] Artikel 6 vum Gesetz vum 30. Juli zum Pacte logement 2.0